



Budget rectificié 2018 & Budget 2019 - Positioun

Här Buergermeeschter, léif Kollegin, léif Kollegen,

déi gréng Kielen wëllen alle Leit Merci soen fir d'Opstellen vum Budget a ganz speziell dem Mike Back a senger Équipp.

Erlaabt eis fir d'éischt de Budget rectificié mam Budget initial vu virun engem Joer ze vergläichen: deemools war virgesinn dass d'Gemeng Kielen Dépenses ordinaires vun 18 Milliounen € hätt an dass et Recettes extraordinaires vu knapp 10,5 Milliounen € hätt. Dee Moment gouf et eng „Punkt-Landung“ an de Budget 2018 sollt mat engem Boni vun knapp 200 000 € ofschléissen. Wa mir dat elo awer mat der Réalitéit, spréch mam Budget rectificié 2018 vergläichen, da falen eis e puer net oninteressant Saachen op:

- D'Gemeng hat ongeféier 2 Milliounen € méi Recettes ordinaires. Dëst ass eng erfreesch Nouvelle, wëssend dass de Gros vun de Recettes ordinaires vum Staat kommen, nämlech iwwert den Impôt commercial an iwwert de Fonds de dotation communal. D'Gemeng Kielen huet also mat der Reform vun der Gemeengefinanzéierung bestëmmt net manner kritt.
- Den Emprunt vun 8 Milliounen €, sou wéi en am Budget stoung, ass net gebraucht ginn. Dofir huet d'Gemeng e Minus vun 7,8 Milliounen € bei den Recettes extraordinaires.
- Wa mir bei d'Dépenses ordinaires eriwerginn, da fällt do op dass 1,2 Milliounen € manner ausginn ginn ass wéi geplangt war. Trotz dass d'Gemeng nei Leit agestellt huet an trotz dass verschidde Carrièren revaloriséiert gi sinn, ginn et awer manner Dépenses ordinaires.
- Et goufen am Ganzen 1,4 Milliounen € am Extraordinaire manner ausginn wéi geplangt. Och dat ass net interessant ze betounen, well dat bedeit jo dass muench Saachen entweder net esou viru komm sinn wéi geplangt, respektiv hu missen no hanne geréckelt ginn.

Am Cumul erginn dës 4 Punkten e Montant vun 4,6 Milliounen €, déi d'Gemeng jo eigentlech am Budget rectificié méi zur Verfügung huet. Dann ass et eben esou dass dann um Enn vum Joer 2018 aus deene geplangten 197 000 € méi wéi 5,1 Milliounen € Boni ginn ass.

Dofir ass et ëmmer e beschen schwierig am Viraus e Budget ze kommentéieren, well mir keng Glaskugel hunn an d'Zukunft net viraussoe kënnen. Mee dat verhënnert awer elo net dass déi gréng Kielen awer hier Bemierkungen och zum Budget 2019 kënnen ofginn:



Et fällt eis op dass den **Iwwerschoss am ordinaire Budget 2019** am Verglach zu 2018 ëm **14,64 % erofgeet**: hate mir 2018 knapp 6,2 Milliounen € Iwwerschoss, sou sinn et der 2019 nach „just“ 4,8 Milliounen €. Dëst trotz gudder Konjunktur an interessanten Zuelen aus dem Inne-Ministère an der November-Circulaire wat d'Recettes ordinaires vum ICC an vum FDGC (+ 13,8 % par-rapport zu 2017, respektiv + 15,6 %). Soulaang d'Konjunktur gudd ass, dierft dat och net wierklech e Problem fir d'Gemengefinanzen bedeiten, mee et muss een awer ganz sëcher déi ordinaire Dépenses am A behalen. Dës ordinaire Dépenses wäerten an Zukunft sëcher an d'Luucht goen: d'Gemeng wäert an de nächste Joeren nei Leit mussen astellen (mir denken do ënnert anerem un eng zousätzlech Schoul op Elmen, eng nei MR zu Kiel, a sou wieder) an och wäert d'Gemeng an Zukunft mussen Souen léine goen fir alleguer déi néideg Projeten ze réalisieren. Dëst sinn eben Dépenses ordinaires an déi mussen en bon père de famille verwalt ginn.

Wa mir elo nëmmen déi aktuell Masse salariale kucken, da gesi mir dass 7,76 Milliounen € als Masse salariale brute do stinn. Wa mir dat vergläichen par-rapport zu den ordinären Ausgaben, da stellt dat knapp 40 % vun den Ausgaben duer (39,22 % fir genee ze sinn). Domadder steet d'Gemeng relativ gudd do an huet eng gewëssen Marge de manoeuvre fir déi zukünfteg Entwécklung an déi Investissementer déi wäerte musse gemeet ginn, mee och dat muss am A behale ginn.

Bei den Recettes ordinaires fällt op, dass d'Präisser vum Waasser a vum Ofwaasser nom Prinzip vum Pollueur-Payeur wäerte no uewe mussen adaptéiert ginn. Dëst bedeit natierlech dass eis Awunner méi wäerte mussen bezuelen an Zukunft. Dofir muss d'Gemeng sou vill wéi méiglech d'Leit informieren wéi een Waasser spuere kann, wat jo dann net nëmmen de Leit hieren Portmonni entgéint kënnt, mee virun allem och eiser Natur.

Et ginn 3 Zorten vun extraordinären Ausgaben:

- utile
- nécessaire
- indispensable

Villes an den Dépenses extraordinaires gehéieren zu dëser 3. Kategorie an op déi kënne mir absolut net verzichten.

Do stëcht virun allem de Bau vun der Schoul Op Elmen, vun der Maison Relais zu Kiel an vum neie Gebai fir den Enseignement musical an d'Schoul um Campus zu Kiel an d'A. Do ginn am Ganzen 2019 6,5 Milliounen € budgetiséiert. Wann een aleng kuckt dass d'Schoul Op Elmen ongeféier wäert 30 Milliounen € kaschten, da kënne mir eis alleguer hei ronderëmmer den Dësch denken dass an de nächste Joeren do nach weiderhinn vill Souen mussen an d'Hand geholl ginn. Do schwätze mir momentan nach net vum Neibau vun der Schoul um Campus zu Kiel!



Mir freeën eis ze gesinn, dass d'Gemeng Kielen iwwert 1,1 Milliounen € an de SIDERO wäert investéieren 2019: et muss un der Kläranlag geschafft ginn an och dat kënnt eiser Ëmwelt zegudd, well nëmme mat enger funktionnéierender Kläranlag ka sèchergestallt ginn dass d'Ofwaasser erëm propper an d'Natur zeréckleeft.

3,5 Milliounen € si virgesinn fir de soziale Wunnéngsbau an eiser Gemeng, vun der Gemenghand. Dëst ass erfreeslech, grad an eisen Zäiten wou d'Präisser um Wunnéngsmaat an aller Mond sinn. Hoffentlech kann eis Gemeng do eng kleng Hëllefstellung fir Leit mat klengen Akommen bidden fir dass déi Leit a wierdegen Konditiounen wunne kënnen. Lo kann een wuel driwwer diskutéieren ob dëst indispensable oder nécessaire ass: abee, fir eis gréng ass de soziale Wunnéngsbau eng absolut indispensabel Saach an all Gemeng misst sech dëser Saach unhuelen.

Och do kann ee sech dann elo d'Fro stellen ob et un der Gemeng muss sinn fir en fréieren Duerf-Café erëm ze beliewen, mee do si mir gréng der Meenung dass dat absolut richtig ass, well eis Dierfer lues a lues zu „doudegen“ Dierfer gi sinn an de läschte Joeren. Duerch en neien Duerf-Café an der Mëtt vum Duerf, direkt bei der Kierch, gëtt d'Duerf erëm nei beliewt an dat kënne mir nëmme begréissen.

De Chantier beim Regie-Betrieb wäert dann och am Joer 2019 an Ugrëff geholl ginn an dofir sinn och 1,5 Milliounen € virgesinn. Dëse Neibau huet sech och als absolut indispensable erweisen, well dat besteent Gebai weder grouss genuch, nach sècher genuch ass fir de Regiebetrieb vun enger Gemeng vu gläich méi wéi 6000 Awunner (voir 8000 Awunner an de nächste Joeren). Et ass ze hoffen dass och dee Bau am AAA wäert geplangt a gebaut ginn. Do gëtt jo hoffentlech net nëmme dru geduecht dat Gebai energie-aarm am Verbrauch ze bauen, mee et ass fir eis en absolute Muss eng gréisser Photovoltaik-Anlage op den Daach ze installéieren an domadder der Klima-Bilanz vun der Gemeng en nach méi positiven Impuls ze ginn, och dëst en vue vun dem Klimapakt an enger nächster Zertifikatioun an domadder och méi Souen.

Endlech ass och de Chantier beim Festsall zu Ollem am Hierscht 2018 ugelaft. Déi Ollemer Veräiner an d'Ollemer Leit waarde lo schon eng länger Zäit op dee Bau. Vun deenen erlaabtenen 3,4 Milliounen € sinn 2019 1,5 Milliounen virgesinn.

Mir wëssen alleguer, dass dës Investissementer net aleng aus der Portokeess, oder aleng mam Boni vum ordinaire Budget oder vum Budget rectifié vum Joer virdrunn kënne gedroë ginn. Am Budget ass en Emprunt vun 9,5 Milliounen € virgesinn: wann dësen Emprunt zu 100 % géif gezunn ginn, da géif dat bedeuten dass alleguer déi Aarbechten déi versprach ginn och gemeet si ginn, well da bréicht d'Gemeng déi Souen. Dësen Emprunt vun 9,5 Milliounen € bréicht der Gemeng Kielen sècher net d'Genéck: 2019 missten dann ongeféier 900 000 € als Annuitéiten zeréckbezuelt ginn, dat entsprécht genee 4,6 % vun den Dépenses ordinaires. Mir wëssen awer dass et sècher net bei deem Emprunt aleng wäert bliwen: mat engem Präis vun ongeféier 30 Milliounen € fir déi nei Schoul Op Elmen, engem Léierschwammbecken, dem Neibau vun der Kielener Schoul (Gebai A a B) wäerten an de nächste Joeren déck Investissementer op d'Gemeng duerkommen an do wäert d'Gemeng sècher net laanscht en zousätzlechen Emprunt kommen.



Well awer net alles Gold ass wat blénkt, hu mir och Kritikpunkten unzebréngen:

Et feelt eis eng Visioun wate e vun de ganze Problemer an eiser Gemeng, nämlech de Verkéier ugeet. Et ass luewenswäert an och immens wichteg dass dee neie Verbindungswee tëscht Kielen a Keespelt fäerdeg ass a souguer villäicht nach soll a Richtung Meespelt verlängert ginn. Et ass awer da komesch ze gesinn, dass op der Säit 108 déi Verlängerung ugeschriwwen gëtt, mee awer mat 0 € budgetiséiert ass. Ass dat éieren vergiess ginn, oder wat ass soss de Grond?

Et ass elo wou mir musse probéieren den Individual-Verkéier an der Gemeng an de Grëff ze kréien. Et gëtt op Elmen e grousser Projet gebaut, deen en plus och nach richtig nohalteg ass. An awer vermësse mir do e plan directeur fir d'Mobilité douce. Wéi soll dat gescheit ugebonne ginn un d'ZAE Kielen, un de Zoning um Wandhaff oder un d'Areler Strooss, respektiv un d'Capenter Gare?

Eis feelt en Aschlag am Budget wat de Velo als Verkéiermëttel ugeet: wéini ginn endlech anstännege Velo-Stänner an der Gemeng opgeriicht, wou de Velo propper a sècher kann ofgestallt ginn? Mir gesinn esou Velo-Stänner (wéi M-Box) bei verschiddene Bus-Arrêten, beim Gemengenhaus, bei der Schoul, beim Centre médical, ... Ganz vergiess ass de Velo wuel net, well mir gesinn dass et ugeduecht ass eng Prime fir d'Acquisitioun vun engem E-Bike anzeféieren an dat begrësse mir och. Mir si wierklech gespaant wéi dat soll ausgesinn a mir proposéieren dem Schäfferot natierlech eis zesummenaarbecht fir do eppes Gescheites op d'Been ze stellen.

An Zäiten wou ëmmer méi iwwert Télé-Travail geschwat gëtt, muss een sech d'Fro stellen ob d'Gemeng net Bureau-Flächen zur Verfügung stellen muss fir dass tertiär a kulturell Aktivitéiten, Mini-Crèches an Start-Up'en kënnen aus eisen Dierfer eraus funktionnéieren. Mir wëllen eis Dierfer jo erëm nei beliewen, da musse mer déi Iddi net aus den Aen verléieren. Mir gesinn do zum Beispill d'Schockweiler-Haus zu Nospelt als eng Plaz wou esou eppes kéint réaliséiert ginn. Eng aner interessant Plaz fir esou eppes ass sècherlech d'Wickys-Haus (Haus Bonifas) zu Nospelt: do keeft d'Gemeng dat Haus niewt der fréierer Raiffeisekeess an der Laangeschplaz. Do ass d'Gemeng da Propriétaire vun engem groussen Espace matten am Zentrum vum Duerf an och do bidd sech d'Geleegeheet eppes ze bauen fir och d'Duerf ze beliewen.

De Juki II zu Ollem ass esou gudd wéi fäerdeg. Do ass et leider verpasst ginn, zesumme mam Ariichten vum Film- an Tounstudio, e Prouwsall ze aménagéieren fir dass jonk Muséksgruppen eng Plaz fanne kënnen fir ze prouwen oder eng Demo opzehuelen. Et ass jo awer nie ze spéit an et bleiwt jo villäicht nach Plaz fir an enger nächster Phase villäicht dorunner ze denken.

Här Buergermeeschter, dir hudd et gëschter Mëtteg op der Seniorefeier zu Keespelt ugeschwat: och mir Gréng sinn der Meenung, dass d'Gemeng Kielen a seng Awunner e „Ruffbus“, eng „Navette“ oder wéi och ëmmer een dat nenne wëll, brauch. Verschidde Leit an eiser Gemeng wiere bestëmmt frou wa sie sech kéinten e Bus ruffen fir se op X oder op



Y ze bréngen. Et schéngt do wierklech e Besoin ze ginn, mee wéi grouss dee Besoin ass, dat kënne mir lo direkt net soen. Do kéint een awer villäicht eng Ëmfro an eiser Gemeng maachen bei de Leit fir de Besoin ze kennen. Iwwerhaupt brauche mir eng détailléiert Étude wat de Verkéier an eiser Gemeng ugeet: wou kommt dir hier, wouhinner fuert dir, ...? Dëst sinn net onwichtig Informationen fir iwwerhaupt mol ze wëssen wou den Hiewel am Verkéier muss ugesat ginn fir dass Keespelt, Kielen an Ollem manner vum Verkéier belaascht gëtt. Niewebäi bemierkt: aktuell Zuelen vun der WHO soen dass all Joer 4,2 Milliounen Leit wéinst knaschteger Loft stierwen. Manner Verkéier duerch eis Dierfer bedeit och eng besser Loftqualität.

Sou wéi all Joer, gesi mir eng gewëssen Somme u Souen fir den Domaine Huesecknappchen: waren am läschte Budget **935 690,85 €** fir d'Réaménagement an d'Réfection vun der voirie an den Trottoirs virgesinn, sou sinn awer nëmmen 250 000 € dovunner fir déi Saach ausgi ginn. Fir 2019 sinn elo **750 000 €** budgetiséiert. Bei der Präsentatioun huet de Buergermeeschter vun Verengung vun de Stroossen an Begrünung geschwat. Mir stellen eis do konkret d'Fro ob d'Awunner vun deem Quartier do mat agebonne si ginn? Ass do eis Commission du développement urbain oder eis Verkéierskommissioun ëm hier Meenung gefrot ginn? Wou ass do déi villgeluewten Transparenz a Matsprooch vum Bierger?

Här Buergermeeschter, léif Kollegin, léif Kollegen,

mir hunn hei e Budget virleien deen, sou kann een och als Oppositionspolitiker soen, en bon père de famille opgestallt ginn ass. Et gëtt näischt gebaut wat nëmmen „nice to have“ ass. De gréissten Deel ass indispensable, do kënne mir guer net driwwer diskutéieren ob jo oder ob nee, mee nach just wéi. Mir gesinn awer och dass d'Gemeng den Hiewel nach op anere Plazen muss usetzen an dofir wäerte mir eis beim Vote vum Budget enthalen.